# youthmag

N 263 | OCTOBRE 2021



Fir Kanner a Jugendlecher.

Dës 12 Säiten kënnt dir erausrappen!


| | |
|---|---|
| Jugendhaus | 02 |
| Infoe vum SNJ | 06 |
| BeeSecure | 09 |
| Wie funktioniert eine Gemeinde (ZpB) | 10 |


GEMENG SCHËFFLENG

# Alles ronderëm d'Jugendhaus



**LU** — Wéi all Joer ware mer och dëse Summer ganz aktiv. An Zesummenaarbecht mat der Gemeng hu vum 15. Juli bis de 15. September ganz vill verschidden Aktivitéite stattfonnt, eis alljärlech Vakanzenaktivitéiten.

Vu kuerzen Daagesaktivitéiten, iwwer Weekendtrips, bis zu 1 Woch an de Bierger war vun allem a fir Jiddereen eppes dobäi.

Ugefaangen hu mer mat engem flotte „Skatedag", egal ob um Skateboard, Longboard oder Trottinette, mir waren op „Rullen" zu Réimech ënnerwee. Dono hu mer 1 Woch an de franséischen Alpe verbruecht, hei stoung niewent diverse Waasseraktivtéiten och Klammen um Fiels, Kachen um Feier, Wanderungen a villes méi um Programm.

Am Phantasialand war dunn e ganzen Dag laang Fun an Adrenalin ugesot.

Iert mer dunn an e klenge Summercongé gaange sinn, ware mer nach bis an d'Schwemm, mir hunn Stand-Up-Paddle um Baggerweier probéiert, eis Kleeder am Batikatelier gefierft, haten en Workshop am BMX fueren an hu probéiert eis aus dem Escape Room ze befreien.

No eisem Congé ass et du weider gaange mat e puer flotten Deeg um Camping Kautebach wou mer ënner anerem Geocachen waren.

Dono hu mer verschidde Kloterparken am Land getest an hunn och eis Kloterkënscht am Funny Mountain op d'Prouf gestallt.

Schëfflenger Jugendhaus

Mir waren op Merzeg an d'Schwemm a konnten do vun engem schéine waarme Summerdag profitéieren. An och Kanu stoung direkt 2x bei eis um Programm.

Well den Escape Room eis sou gutt gefall huet, hu mer och en Outdoor Escape matgemaach, bei deem mer verschidden Aufgaben hu musse léisen an deen eis duerch d'ganz Stad gefouert huet. Dono ware mer och nach bis op d'Fouer.

Den Ofschloss vun eisen Aktivitéite war dunn eis Ofschlossfeier, bei där mer zesumme gekacht, giess a Fotoe vun dësem Summer gekuckt hunn.


**Hei e puer Impressioune vun eisem Summer!**






















# Aktivitéite vum Jugendhaus

**D'Jugendhaus bitt awer net just wärend dem Summer, mee dat ganzt Joer iwwer e flotte Programm un, deen di Jonk och matbestëmme kënnen.**

## SEPTEMBER – DEZEMBER '21

### #Beactive

| | |
|---|---|
| VTT an Slackline<br>Terres Rouges<br>(16h00 - 18h30) | **23.09** |
| VTT aux<br>Terres rouges<br>(15h30 - 18h00) | **28.09** |
| Boulderen<br>am Jugendhaus<br>(16h00- 18h00) | **29.09** |
| BMX First Impressions<br>(15h00 - 18h00)<br>@Skate Park Schëffleng | **30.09** |

### Zukunftsdiplom (ZD) Weekender mam Jugendhaus

Bei dësem Projet kanns du un denge Lieweskompetenze schaffen.

| | |
|---|---|
| ZD Stroossbuerg | **16./17.10** |
| Orientatiounshiking | **23./24.10** |

### Mir maache Radio! (Start November)

Zesumme mam Radio Gutt Laun vu Schëffleng gi mir 1x Mount op Sendung mat verschiddenen Themen an och d'Musek wiele mir selwer aus.

### $CO_2$- Projet – Zesumme géint de Klimawandel (Januar -Dezember)

Mir notéieren all eis gefuere Kilometeren an um Enn vum Joer planze mir Beem als Kompensatioun. Jiddereen ass häerzlech invitéiert do matzemaachen an eis seng Kilometere matzedeelen. Donieft sammele mir och all gréng Kilometeren, déi ze Fous oder mam Vëlo gemaach goufen.
Mir sinn nach ëmmer op der Sich no Terrain fir eis Beem planzen ze kënnen. Fir de Projet ëmzesetzen, brauche mir d'Ënnerstëtzung vun de Schëfflenger Bierger, de Gemengeverantwortlechen, der Ëmweltkommissioun souwéi de Privatbesetzer vu Fräiland.

### Recycleplanet

1x am Mount samschdes vun 10-12h,
Rv huele beim
**rodriguesf1991@gmail.com**
oder am Jugendhaus.
Zesumme mat eis léiers du däi Vëlo ze flécken a kriss Hëllef bei allem wat mat dengem Vëlo ze dinn huet!

**Fir all eis Projete gëllt, d'Plaze si limitéiert, mell dech séier un! All weider Infoe kriss du am Jugendhaus.**

**10, avenue de la libération**
**L-3850 Schifflange**
**Tel.: 26 53 08 50**
**schefflenger_jugendhaus**
**www.schefflenger-jugendhaus.lu**



Fir all eis Projete gëllt, d'Plaze si limitéiert, mell dech séier un!
All weider Infoe kriss du am Jugendhaus.

Zu all Moment kënnen nach Aktivitéite bäikommen, kuck reegelméisseg op eiser Homepage oder eise Soziale Medie fir näischt ze verpassen.

Mir freeën eis och ëmmer iwwer (nei) Iddien, dofir steet virum Jugendhaus eng "Iddiekëscht", an déi jidderee seng Proposen erareeche kann.

Service National de la Jeunesse

# Infoe vum SNJ




## Freelance Animateur

**15. Januar 2022 op Lëtzebuergesch**
15 janvier 2022 en luxembourgeois

**LU** — Du bass motivéiert, wëlls dech engagéieren a bass schonn iwwer 18? Da mell dech beim SNJ als Freelance Animateur! Dech erwaarde flexibel Aarbechtszäiten an eng dynamesch Ekipp. Mir proposéieren e grousse Choix un Aktivitéiten am Beräich Sport, Teambuilding, Medien, Kreativitéit an Natur. Et ass fir jiddereen eppes dobäi!

**Wa mir däin Interessi ugekuerbelt hunn, kanns du dech fir den nächsten Introduktiouns Dag aschreiwen:**

Weider Informatiounen an Aschreiwungs Formulaire fënns du op eiser Internetsäit www.erliewen.snj.lu ënnert der Rubrik "Freelance".



**FR** — Tu es motivé(e), aimerais t'engager et as déjà 18 ans ? Alors inscris-toi en tant qu'animateur freelance auprès du SNJ ! Nous te proposons des horaires de travail flexibles et une équipe dynamique. Il existe un large choix d'activités sur les thèmes du sport, teambuilding, médias, créativité et nature. Chacun trouve son bonheur !

**Si nous avons attiré ton attention tu peux t'inscrire à la prochaine journée d'introduction :**

Plus d'informations et le formulaire d'inscription se trouvent sur notre site internet www.erliewen.snj.lu sous la rubrique « Freelance ».





**Registréier dech a gëff Freelance**

S'inscrire et devenir freelance





ERLIEWEN beim SNJ



# Mir siche Freelance

**fir den Encadrement vun Aktivitéiten fir Schoulklassen a Jugendgruppen an eise Jugendzentren**

freelances@snj.lu

erliewen.snj.lu

snj

**Du bist unter 30?**
***Dann richtet sich diese Umfrage an dich.***

# Umfrage zur Mediennutzung der Jugendlichen

**Tu as moins de 30 ans ?**
***Dans ce cas, cette enquête s'adresse à toi.***

# Enquête sur l'utilisation des médias par les jeunes



Scan me

Scan me

Unter allen Teilnehmerinnen und Teilnehmern, die ihre Email-Adresse oder Handynummer angeben, verlosen wir 3 Geschenkgutscheine im Wert von 100 Euro bei Letzshop.




Parmi tous/toutes les participant(e)s qui fourniront leur adresse e-mail ou leur numéro de téléphone portable, nous tirerons au sort 3 gagnants qui se verront offrir chacun un chèque-cadeau d'une valeur de 100 euros chez Letzshop.

Service National de la Jeunesse


BEE SECURE

# Wie funktioniert eine Gemeinde?




Impressum: ©ZpB, 2020, 1. Ausgabe – Grafik: Michel Geimer, Binsfeld

# Comment fonctionne une commune ?




PLUS D'EXPLICATIONS sur le rôle des différents ACTEURS :




**B.P. 11 Avenue de la Libération**
**L-3801**

info@schifflange.lu
**www.schifflange.lu**